06/2022

# de bulletin



## Editorial vum Patrick Remakel

Eng eenheetlech Ausbildung fir d'Enseignanten !
D'initial Schoulmeeschteschausbildung muss op Masterniveau gehuewe ginn !

## Bezuelung Iwwerstonnen

Iwwerstonne mussen am Fondamental an am Secondaire besser bezuelt ginn !

## « Formation continue »

Keen däerf benodeelegt ginn !
Auteur : Gilles Glesener

## Vum Sënn an Onsënn vum Léiermaterial

Kommentar vum Gilles Bley

75 sne
syndicat national des enseignants cgfp

**Fir Iech, mat Iech, zesumme méi staark!**


ROOM
Luxembourg
- Schulmöbel
- Bibliotheken
- Kindergartenmöbel
- Themenräume
- Konferenzräume
X brick®
Multifunktionsmöbel
11, Um Lënsterbierg - L-6125 Junglinster - Tel: 288 00 11 - info@room-luxembourg.lu - www.room-luxembourg.lu

# Sommaire

debulletin
6/2022

02 Editorial vum Patrick Remakel
Eng eenheetlech Ausbildung
fir d'Enseignanten !
D'initial Schoulmeeschteschausbildung
muss op Masterniveau gehuewe ginn !

06 75 Jahre Syndicat National des Enseignants
SNE/CGFP

07 Bezuelung Iwwerstonnen
Iwwerstonne mussen am Fondamental an am
Secondaire besser bezuelt ginn !

08 « Formation continue »
Keen däerf benodeelegt ginn !
Auteur : Gilles Glesener

10 Vum Sënn an Onsënn vum Léiermaterial
Kommentar vum Gilles Bley

12 Formation IFEN :
Les émotions : frein ou accélérateur
à l'apprentissage ?

14 Verlängerung vun der Schoulflicht op 18 Joer –
eng Léisung oder eng Plooschter ?
A wat huet dat mam Fondamental ze dinn ?
Kommentar vum Laurent Berck

24 SNE Seniors
Réckbléck an Ausbléck …
… – oder och nach : « voll do » !

# Éditorial

## Eng eenheetlech Ausbildung fir d'Enseignanten !

### D'initial Schoulmeeschteschausbildung muss op Masterniveau gehuewe ginn !

De September 2023 leeft déi éischt Quereinsteigermesure, déi viru 5 Joer agefouert gouf, aus. Well awer nach ëmmer massive Bedarf u Léierpersonal an eise Schoulen herrscht an d'Aschreiwunge fir e Bachelorstudium an den Erzéiungswëssenschaften op der Universitéit Lëtzebuerg net duergi fir d'Besoinen ze decken, wëllt den Educatiounsministère eng 2. Oplag vun enger ofgeännerter Quereinsteigermesure aféieren. De « Quereinstieg » soll dës Kéier net méi direkt an de Beruff féieren, mee d'Detenteure vun engem Bachelordiplom, deen am Zesummenhang mat der Schoul steet (Psychologie, Sproochen, Mathematik, Sozialwëssenschaften, Pedagogik, etc.), sollen ab nächstem Schouljoer d'Méiglechkeet kréien, en eejärege Studium vu 60 ECTS-Punkten an der Pedagogik an an der Didaktik op der Uni.lu ze absolvéieren. Dëse Studiegang soll mat engem « Bachelor en Formation pédagogique » ofschléissen. Deen Diplom géif den Absolventen dann Zougang zum Schoulmeeschteschconcours ginn. Dee Moment wäre si de Studenten, déi e Bachelorstudiegang an Erzéiungswëssenschafte vun 240 ECTS-Punkten op der Uni Lëtzebuerg mat Erfolleg ofgeschloss hunn, gläichgestallt.

Et sollen also an Zukunft zwee verschidde Weeër méiglech sinn, fir Enseignant am « Enseignement fondamental » oder an der « Voie de Préparation » vum ESG ze ginn:

- e Studiegang vun 240 ECTS-Punkten (am Prinzip 4 Joer) an den Erzéiungswëssenschaften op der Uni Lëtzebuerg
- e Bachelorstudium an engem Fach a Relatioun mat der Schoul (normalerweis 180 ECTS-Punkten) an duerno e Pedagogikstudium vu 60 ECTS-Punkten op der Uni Lëtzebuerg (am Prinzip 3 + 1 Joer).

### Mee vergläiche mir elo emol déi zwee Weeër mateneen :

Firwat soll e Jonke sech vun Ufank un an e Studiegang an Erzéiungswëssenschaften aschreiwen, wann hien och no engem Bachelor an engem Fach, dat a Relatioun mat der Schoul steet an no engem « Crashstudium » an den Erzéiungswëssenschaften, de Schoulmeeschteschberuff ergräife kann?

Den SNE/CGFP gëtt ze bedenken, dass den Diplom vum Bachelor an Erzéiungswëssenschaften eng Einbanstrooss ass, déi just zum Schoulmeeschteschberuff féiert. Am Géigesaz dozou léisst engem deen anere Wee eng vill méi grouss Palett u Méiglechkeeten. De Minister Meisch selwer hieft dëse Virdeel ervir andeems e seet, dass déi jonk Leit mat 18 Joer dacks nach net wëssen, wat si genau studéiere wëllen an dass den zweete Wee hinnen herno vill Optioune gëtt.



Den SNE/CGFP fäert op alle Fall, dass sech vill manner Kandidate vun Ufank un an de reguläre Studiegang an den Erzéiungswëssenschaften aschreiwen, well hinnen deen neie Wee vill méi Méiglechkeete fir déi spéider beruffflech Karriär léisst.

### An dat kann et net sinn !

Well den zweete Wee also fir de jonke Mënsch eng Rei Virdeeler géintiwwer dem reguläre Studium an den Erzéiungswëssenschaften huet, ass déi Propositioun vum MENJE fir den SNE/CGFP net akzeptabel.

Den SNE/CGFP fuerdert eng eenheetlech Ausbildung fir d'Enseignanten aus dem « Enseignement fondamental » an der « Voie de préparation » aus dem ESG.

Mee wéi soll deen eenheetleche Wee dann ausgesinn?

Den SNE/CGFP plädéiert fir een « 3 plus 2-Studium ».

Fir d'éischt sollen d'Studenten e Bachelor vun 180 ECTS-Punkten (Reegelstudienzäit 3 Joer) an duerno e Master vun 120 ECTS-Punkten (Reegelstudienzäit 2 Joer) maachen.

Op dësem eenheetleche Wee sollen et an eisen Aen awer zwou verschidden Optioune ginn, ouni dass een dofir bei enger vun deenen zwou Optioune benodeelegt gëtt:

**Méiglechkeet 1 : E Bachelor an engem Fach a Relatioun mat der Schoul an duerno e Masterstudium an de « Sciences de l'Education »**

**Méiglechkeet 2 : E Bachelor an de « Sciences de l'Education » an duerno eng Spezialisatioun als Masterstudium**

An den Ae vum SNE/CGFP féiert definitiv kee Wee laanscht e Masterstudium fir d'Enseignanten aus dem « Enseignement fondamental » an der « Voie de préparation » vum ESG, och well d'Defien an d'Uspréch un de Beruff an de leschte Joren zougeholl hunn an och an den nächste Joren net ofhuele wäerten.








Firwat zéckt den Educatiounsminister esou vill? Wär elo net de Moment fir Neel mat Käpp ze maachen? Eng eenheetlech Ausbildung fir all d'Léierinnen a Schoulmeeschteren op Masterniveau wär eng nohalteg Léisung, déi d'Schoul an den haitegen Zäiten no vir géif bréngen.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen,
Ech wënschen Iech am Numm vum SNE/CGFP an och a mengem perséinlechen Numm, op dëser Plaz, schéi Feierdeeg, eng gutt Gesondheet an e schéint an erfëlltent Joer 2023.

Och 2023 wäerte mir ons op ons Haaptaufgab besënnen, ons Memberen ze representéieren an hir Rechter an Interessen ze verdeedegen.

Mat syndikalistesche Gréiss
Patrick Remakel
President vum SNE/CGFP


Patrick Remakel,
President SNE/CGFP

syndicat national des enseignants cgfp

# 75 Jahre Syndicat National des Enseignants SNE/CGFP



Die Gewerkschaft SNE/CGFP feierte am 21. Oktober 2022 im Cercle Cité ihr 75-jähriges Bestehen im Beisein zahlreicher Gäste aus Politik und Gesellschaft. Zusätzlich begrüßte der SNE/CGFP Vertreter aus Schulen, Verwaltungen, der Staatsbeamtenkammer, dem Dachverband CGFP und befreundeten Gewerkschaften aus dem In- und Ausland.

Zu Beginn des Festaktes blickte der Vorsitzende des SNE/CGFP Patrick Remakel auf die Entstehungsgeschichte des SNE/CGFP und 75 Jahre gewerkschaftliche Tätigkeit zurück. Anschließend unterstrich der Präsident der CGFP Romain Wolff die Wichtigkeit der gewerkschaftlichen Arbeit im Allgemeinen und im Speziellen der Rolle des SNE innerhalb der CGFP. Der Minister der öffentlichen Funktion Marc Hansen hob ebenfalls die gewerkschaftlichen Leistungen und Errungenschaften der im Bildungswesen tätigen Gewerkschaften hervor. Abschließend würdigte der Bildungsminister Claude Meisch in seiner Ansprache den SNE/CGFP als verlässlichen und verantwortlichen Partner.

Umrundet wurden diese Beiträge von sportlichen und tänzerischen Einlagen, die von Kindern aus der LASEP Sandweiler unter der Leitung von Carole Resslinger dargeboten wurden. Kinder der MUSEP Strassen unter der Regie von Caroline Medernach sorgten für die musikalischen Darbietungen. Parallel dazu lud Art à l'École zum Besuch einer Kunstausstellung ein. Die Werke wurden von Kindern aus verschiedenen Art à l'École - Werkstätten gestaltet, welche Marie-Paul und Fernand Origer zusammengeführt haben.

Nach dem Anschneiden des Geburtstagskuchens ging der offizielle Teil des Festaktes in ein geselliges Zusammensein über.





# Bezuelung Iwwerstonnen

## Iwwerstonne mussen am Fondamental an am Secondaire besser bezuelt ginn !

Iwwerstonne spillen esou wuel am Enseignement fondamental wéi och am Enseignement secondaire eng gréisser Roll. Opgrond vun der chronescher Penurie un Enseignanten ass d'Unzuel vun de geleeschten Iwwerstonnen an deenen zwee « Ordres d'Enseignement » beträchtlech a si riskéiert och an deene kommende Jore weider zouzehuelen.

Fakt ass, dass d'Indemnisatioun vun den Iwwerstonnen zënter e puer Joer am Fondamental an am Secondaire no der selwechter Formel berechent gëtt.

Fakt ass och, dass en Enseignant oder eng Enseignante, déi eng Iwwerstonn leeschten, zwou Méiglechkeeten hunn, fir dës Méiaarbecht honoréiert ze kréien:

Entweder

- kënnen den Enseignant oder d'Enseignante sech d'Iwwerstonn ausbezuele loossen

oder awer

- hien oder si kënne sech d'Iwwerstonn nom modifizéierte Gesetz vum 1. August 2018 « portant fixation des conditions et modalités d'un compte épargne-temps dans la Fonction publique » op de « Compte épargne-temps CET » setze loossen.

An elo komme mir dann zum Kär vum Problem:

Eigentlech missten déi uewe genannten Optioune fir d'Bezuelung quivalent sinn, mee dat ass awer net de Fall. D'Optioun, sech d'Iwwerstonnen op de CET setzen ze loossen, ass definitiv vill méi favorabel wéi déi, sech d'Iwwerstonnen ausbezuelen ze loossen.

### An dat geet an eisen Aen definitiv net!

Mee firwat ass dat dann esou?

Fakt ass, dass bei der Berechnung vum Ausbezuele vun den Iwwerstonnen e « Facteur correcteur » vu 36/52stel an d'Spill kënnt, deen allegeur d'Vakanzen erausrechent. Dëse « Facteur correcteur » gouf am Joer 1981 an der Rumm vun der Stolkris ageféiert an et kann een d'Daseinsberechtigung vun dëser Mesure hautdesdaags unzweiwelen. D'Applikatioun vum « Facteur correcteur » huet als Konsequenz, dass eng geleeschten Iwwerstonn méi schlecht bezuelt gëtt wéi eng regulär Stonn, déi een am Kader vu senger Tâche leescht. De « Facteur correcteur » vu 36/52stel gëtt awer net appliz éiert, wann een d'Iwwerstonn op den CET setzt. Do ass eng geleeschten Iwwerstonn och herno eng Stonn wäert.

**D'Comitéë vum SNE/CGFP**
**a vun der Féduse-Enseignement/CGFP**

**D'Féduse-Enseignement/CGFP an den SNE/CGFP fuerderen dofir d'Ofschafe vum « Facteur correcteur » vu 36/52stel bei der Indemnisatioun vun den Iwwerstonnen.**

# « Formation continue »

## Keen däerf benodeelegt ginn !

Op d'Demande vun de Gewerkschaften aus dem Enseignement hin, gouf d'Referenzperiod fir d'« Formation continue » wéinst der Pandemie ëm 3 Méint verlängert. Dëst ass am « Enseignement fondamental » duerch de « Règlement grand-ducal » vum 12. Juni 2020 an am « Enseignement secondaire » duerch d'Gesetz vum 20. Juni 2020 geschitt. Dës Mesure sollt garantéieren, dass d'Enseignantë genuch Zäit hätte fir hir obligatoresch Unzuel u Stonne « Formation continue » an der Referenzperiod kënnen ze maachen, well eng Partie « Formations continues en présentiel » wärend dem Confinement am Joer 2020 ausgefall sinn an och duerno d'« Formations continues » laang Zäit just konnten « en distanciel » ofgehale ginn.

### Esou wäit, esou gutt!

Et huet sech awer elo erausgestallt, dass dës Verlängerung vun der Referenzperiod eng Rei Enseignantë benodeelegt, jee nodeem wéi vill Weiderbildungsstonnen si bis de September geleescht haten. Eng Benodeelegung vun Enseignantë war jo awer net Sënn an Zweck vun de Gesetzesännerungen an dat war och bestëmmt net d'Intentioun vum Gesetzgeber, ëmsou méi well eise Premier Minister Xavier Bettel ëmmer erëm verséchert huet, dass keen duerch d'Pandemie benodeelegt dierft ginn.

### Mee wouranner besteet dann elo déi Benodeelegung fir verschidden Enseignanten?

Enseignanten, déi hir obligatoresch « Formation continue » vun 48 Stonnen an déi 16 Stonnen, déi si op déi nächst Referenzperiod reportéiere kënnen, an hirer normaler Referenzperiod ouni Verlängerung am September ofgeschloss haten an elo nach weider Stonne bis den Dezember maachen, kréien dës Weiderbildungsstonnen net ugerechent. Si sinn an deem Sënn fir si verluer. Wann d'Referenzperiod net





verlängert gi wär, dann hätte si dës Stonne fir déi nächst Referenzperiod ugerechent kritt. D'Argument, dass déi Enseignantë jo keng Weiderbildung wärend de Méint September bis Dezember misste maachen, kann een net gëlle loossen, well et eng Rei Formatioune ginn, déi ee quasi gezwongenermoosse muss am Ufank vum Schouljoer maachen. Dëst ass zum Beispill de Fall fir d'Weiderbildung am Zesummenhang mam neie Franséisch-Programm.

Fir den SNE/CGFP ass et op alle Fall kloer, dass keen duerch d'Verlängerung vun der Referenzperiod benodeelegt däerf ginn.

Dofir fuerdert den SNE/CGFP de MENJE op, eng Léisung fir dës Problematik ze sichen. Eng Méiglechkeet kéint sinn, dass déi Leit, déi hir obligatoresch « Formation continue » (mat dem eventuelle Report vu 16 Stonnen) ouni dës Verlängerung am September ofgeschloss hunn, hir Stonnen déi si wärend der verlängerter Period (September bis Dezember) geleescht hunn, integral fir hir nei Referenzperiod ugerechent kréien. Si missten also hire Report vu 16 Stonne plus déi Stonnen, déi se an der Verlängerung geleescht hunn, mat an déi nei Referenzperiod eriwwer huele kënnen.

Eng weider Fro stellt sech och am Zesummenhang mat Weiderbildungen, déi sech iwwert e längeren Zäitraum hinzéien an an zwou Referenzperiode falen. Wou ginn dës Weiderbildungsstonnen ugerechent wuelwëssend, dass een am Prinzip seng Attestatioun fir d'Weiderbildung eréischt nom Ofschloss vun der Formatioun zertifiéiert kritt?

Den SNE/CGFP schwätzt sech derfir aus, dass den Enseignant misst d'Méiglechkeet kréien, déi Formatiounsstonne kënnen ze splitten a se an där Referenzperiod ugerechent ze kréien, wou se geleescht goufen. Eng aner Méiglechkeet wär, dass den Enseignant selwer decidéiere kéint, op wéi eng Referenzperiod (déi al oder déi nei) hien d'Integralitéit vun enger méi laanger Weiderbildung ugerechent kritt.



Gilles Glesener
Generalsekretär SNE/CGFP

# Vum Sënn an Onsënn vum Léiermaterial

All Enseignant an all Schüler si frou, mat guddem, neiem, modernem, adaptéiertem a motivéierendem Schoul- a Léiermaterial ze schaffen. Wichteg ass et duerfir, bei der Aféierung vun neiem Material näischt vireileg iwwert de Knéi ze briechen.

D'Schüler mussen op eng zolidd Basis kënnen opbauen.

Den neie Franséischprogramm « Salut, c'est … » ass e gutt Beispill, wéi ee Léiermaterial am beschten net soll aféieren. Nämlech dann, wann d'Material nach net ganz färdeg ass an nach net a sengem vollen Ëmfang am Ufank vum Schouljoer zur Verfügung steet. Esou wuel d'Basismaterial wéi och d'Zousazaufgabe sollen zur Zäit färdeg sinn. Net nëmmen an de Gedanke vun den Auteuren, mä virun allem konkret, reell, fir unzepaken. De Programm soll schliisslech ee Ganzt sinn, an net eppes, dat sech eréischt entwéckelt, parallel zur Aféierung an dem Benotze vum Material.

D'Schoulpersonal muss jo dat grousst Ganzt am Bléck hu fir den Unterrecht seriö plangen ze kënnen: wou wëlle mir hin, wat solle mir wéini erreechen oder de Schüler proposéieren an ubidden? Dëst muss kloer sinn, a soll net zu Duercherneen an Onrou féieren.

Werfe mir e geneeë Bléck op den C3:

Schonn am Schouljoer 2021/22, wou den neie Franséischprogramm den Cycle 3.2 erreecht hat, hunn d'Enseignantë ëmmer nees op déi nächst Bicher misse waarden. Eng méi wéi onzefriddestellend Tatsaach. Schliisslech ass d'Buch Nummer 11 neelech virun der Summervakanz erauskomm, d'Bicher 12 an 13 - ni. Lo si mir am Schouljoer 22/23 an déi Nummeren 12 an 13 schéngen dat bescht gehüte Geheimnis aus dem Ministère ze sinn, well se sinn nach ëmmer net disponibel.

Ideal ass anescht – esouguer wann et nëmme Widderhuelungen oder Projete sollte sinn. Natierlech



kann d'Pandemie och säin Deel derzou bäigedroen hunn, dass et zu Retarde bei der Aféierung vum neie Franséischprogramm komm ass.

An Zukunft hoffe mir als SNE/CGFP, dass esou Retarden an der Publikatioun sech net widderhuelen.

Wann deemnächst nei Mathematikbicher sollen an de Schoulen zum Asaz kommen, dann ass nëmmen ze hoffen, dass mir net op en Neits der Zäit hannendrulafen. Et soll een aus der Vergaangenheet léieren.

Mir brauchen e färdege Produit, nëmmen da mécht neit Léiermaterial och Sënn.



**De Gilles Bley**
**ass Enseignant Poste d'appui,**
**Président du Comité d'école,**
**Ecole Fondamentale Limpertsberg.**

# 16. Editioun vum Teach's de Bal zu Miersch

Den 13. Januar 2023 gëtt déi 16. Editioun vum Teach's de Bal zu Miersch organiséiert. Hannert dëser Initiativ steet d'a.s.b.l. teachsdebal.lu, déi vun Enseignantë vun der Mierscher Grondschoul an d'Liewe geruff gouf.

Den Teach's de Bal ass entretemps de gréissten Nightlife Event am Raum Miersch: waren 2008 op der éischter Editioun ronn 180 Leit um Rendez-vous, esou kommen an der Tëschenzäit all Kéier iwwer 1000 Leit op Miersch feieren. Den Entréesticket kascht 15 Euro an et muss een 21 Joer al sinn. Fuddele geet net. Et gëtt an der Entrée kontrolléiert !

Op 3 Sitte gëtt Party gemaach an do ass fir all Goût eppes dobäi: an der Fabrik, am groussen Zelt an an der klenger Bar vum Atelier 33. An der Fabrik steet den DJ El Toro hannert de Platinnen, deen d'Ambiance vun Ibiza op Miersch, an d'Leit zum Danze bréngt. Am groussen Zelt leet den DJ Tony op, wien hien net kennt, war nach ni am Melu. Mat de beschten Hits vu fréier, haut a muer bréngt hien d'Zelt zum Kachen. Am Atelier 33, am industriellen Ambiente vun enger Schlässerei, gëtt et dann eppes fir d'Frënn vun der méi haarder Musék: den DJ Cosmofab an den DJ Pathé 3000 spillen e Mix aus Alternative, Rock a Metal.

E groussen Deel vum Erléis gëtt fir de gudden Zweck gespent a fléisst och a Projete an der Mierscher Grondschoul. All wichteg Infoen a Virverkafstickete fannt dir op www.teachsdebal.lu, op Facebook an op Instagram.



# Formatioun
## continue IFEN : Code: B2-f-44

# Les émotions : frein ou accélérateur à l'apprentissage ?



**Formateur :** Yves Demoulin, psychopédagogue, chargé de cours associé à la FHSE (UNI.LU) et responsable de l'Association Internationale de Pédagogie Émotionnelle (AIPE)

Yves Demoulin

## Contexte

Il apparaît que la grande majorité des approches pédagogiques et, par conséquent, des questionnements qui en découlent sont essentiellement d'ordre cognitif. La raison en est simple, puisque, comme le souligne Tardif (1997), l'apprentissage est essentiellement cognitif ; c'est-à-dire qu'il repose fondamentalement sur des activités de traitement de l'information. Il est donc logique de considérer que, du moment où un apprenant a de la difficulté à apprendre, c'est parce que le problème doit forcément être d'ordre cognitif.

Dans cette intervention, nous allons positionner notre questionnement ailleurs. Pas parce que le cognitif n'est pas important, mais parce qu'il nous semble incomplet et incapable de répondre à toutes les questions relatives à l'apprentissage et aux difficultés qui y sont associées. Nous mettrons donc l'accent sur un autre champ de compétences et sur les parties du cerveau qui s'y rapportent : les compétences émotionnelles. Ces dernières expliquent une large part des difficultés d'apprentissage, mais aussi des succès en la matière.

L'un des objectifs de cette intervention est de jeter les premières bases théoriques d'une nouvelle vision de la pédagogie et de l'apprentissage.

## Objectifs

**Savoirs :**
Les participant/e/s connaissent :
- les champs de compétence de l'intelligence émotionnelle dans sa dimension pédagogique
- les émotions et leur impact sur l'apprentissage et le rendement scolaire

**Savoir-faire :**
Les participant/e/s sont capables de/d' :
- appréhender les fondements biologiques de l'intelligence émotionnelle et de l'apprentissage
- différencier les différents champs de compétences et leurs particularités
- différencier le quotient intellectuel et le quotient émotionnel
- définir l'intelligence émotionnelle

**Attitude :**
Les participant/e/s sont amené/e/s à :
- avoir une réflexion sur leur façon d'enseigner (soft skills versus hard skills) et d'accueillir/d'accompagner les émotions de leurs élèves en classe

## Contenu

- Les champs de compétence
- les émotions et leur impact sur l'apprentissage et le rendement scolaire
- l'intelligence émotionnelle

## Approche méthodologique

Cette intervention alterne différents types d'apprentissage :
- exposés théoriques
- mises en situations pratiques, études de cas

## Informations pratiques

**Public cible :** Personnel enseignant et éducatif

## Date et heure / Termin

**Date : le jeudi 23 février 2023 de 15h00 à 16h30**

**Lieu : Syndicat National des Enseignants - SNE - Salle des conférences**

## Inscription :

**https://ssl.education.lu/ifen/descriptionformation?idFormation=282266**

# Verlängerung vun der Schoulflicht op 18 Joer

## – eng Léisung oder eng Plooschter ? A wat huet dat mam Fondamental ze dinn ?

**Vun der Verlängerung vun der Schoulflicht.**

647 Schoulofbriecher (Joer 2020/2021) – dat sinn der definitiv ze vill. A mat dëser Mesure wëllt de Minister Meisch dës Jugendlech fir d'Schoul zeréckgewannen an dofir besteet dës Mesure net nëmmen aus enger einfacher Verlängerung ëm 2 Joer, mee déi Jugendlech solle vun enger psychosozialer Betreiung kënne profitéieren.

**Zum Avis vun der « Chambre des salariés ».**

An hirem Avis weist d'« Chambre des salariés » ënnert anerem drop hin, dass schonn am Fondamental grouss Ënnerscheeder tëschent de Schüler bestinn, an dass déi schoulesch Problemer scho ganz oft do hiren Ursprong hunn. Och d'Astelle vu qualifizéiertem Personal am Fondamental gëtt hei gefuerdert.

**An do wäre mir beim Fondamental !**

Och wann dës Verlängerung mat psychosozialer Betreiung sécherlech fir munch ee Jugendlechen eng adequat Hëllef ass, esou hunn dës Bemierkunge vun der « Chambre des salariés » dach den Nol op de Kapp getraff. Well wéi heescht et scho méi esou treffend: « Mieux vaut prévenir que guérir! »

**D'Léisung läit am Fondamental.**

Wesentlech Entwécklungen am Gehier geschéien an der Kandheet an dofir ass an dësem Alter déi beschtméiglech schoulesch Offer immens wichteg. Well am Fondamental gëtt de Grondstee geluecht fir dat weidert, liewenslaangt Léieren an d'Entwécklung vun de Sozialkompetenze vun eise Schüler.

D'Erausfuerderunge ginn an enger normaler Klass am Fondamental awer vu Joer zu Joer méi grouss: administrativen Opwand, Digitalisatioun, Integratioun, Inklusioun, Differenzéierung, … fir der nëmmen e puer beim Numm ze nennen. Den Enseignant ass net nëmme Wëssensvermëttler, mee och Mediateur, Infirmier, Sekretär,… . Alle Kanner an allen Erausfuerderunge kënne gerecht ze ginn, ass net méi méiglech a geet am Endeffekt och op d'Gesondheet vum Enseignant.

Dofir brauche mir engersäits ganz kloer méi Ressourcen am Fondamental an awer och gläichzäiteg engagéiert a gutt ausgebilten Enseignanten. An dofir muss de Beruff esou attraktiv ginn, dass sech déi engagéiertst Primaner fir dëse Studium entscheeden. Opgrond vun den Erausfuerderungen an den néidege Kompetenzen däerft deemno och keen Ënnerscheed méi tëschent der Karriär vum Enseignant am Fondamental an deem aus dem Secondaire ze bestoen.

Well wéi mir gesinn hunn: de Grondstee gëtt am Fondamental geluecht. A wa mir hei eise Kanner déi beschtméiglech Offer ubidden, kënne mir vill Probleme léisen éier se iwwerhaapt entstinn. Deemno handelt et sech bei der aktueller Mesure éischter ëm eng Plooschter, déi och berechtegt ass, mee déi net d'Léisung duerstellt. Eng Léisung, déi een awer schnellstméiglech misst « en place » setzen.



Laurent Berck,
I-EBS zu Nidderkuer






Den sne
syndicat national des enseignants cgfp
wënscht Iech
schéi Feierdeeg!

DIDERICH
librairie
papeterie
café
jeux/bricolage
2 rue Victor Hugo
Esch/Alzette
info@diderich.lu
www.diderich.lu

sne éditions
Ihr kompetenter Partner in Luxemburg
für jede Art von Druckmedien
in Druckvorstufe,
Offset- und Digitaldruck
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg
www.sne.lu
Kontaktieren Sie uns: shop@sne.lu

Wo steuern Sie hin?
Bausparen – Steuern sparen
Ihr BHW-Berater gibt Ihnen dazu die besten Tipps und informiert Sie über die staatlichen Steuerfreibeträge – damit Sie alles bekommen, was Ihnen zusteht. Sprechen Sie mit einem BHW Berater drüber. Oder rufen Sie die CGFP Hotline an: 473651
Die CGFP ist der BHW Bausparpartner im Großherzogtum Luxemburg für den öffentlichen Dienst.
BHW Bausparkasse Niederlassung Luxemburg
16, rue Erasme, L-1468 Luxembourg Kirchberg, www.bhw.lu
BHW


Envie de passer au vert ? Nous vous accompagnons.
Profitez de taux avantageux avec le prêt personnel R-ECO.
Voiture électrique ou panneaux solaires, parlez-nous de vos projets. Visitez raiffeisen.lu pour en savoir plus.
Raiffeisen
La Banque qui appartient à ses membres
BANQUE RAIFFEISEN, société coopérative


EMILEFRISCH
Iwwerall ënnerwee
Autocars Emile Frisch
Tél. (+352) 49 61 51-1
www.emile-frisch.lu
info@emile-frisch.lu


Groupe renovation.lu
ENSEMBLE, RÉALISONS VOTRE PROJET
BONNE ANNÉE & MEILLEURS VŒUX
23
288 308
info@renovation.lu www.renovation.lu
122a Bamertal, L-9209 Diekirch


DIMMI
Mamm vum Joë:
Gudde Moien, de Joë huet Gebuertsdag a brengt muer gär e Kuch mat an d'Schoul, wier dat ok? LG
Joffer Sonja:
Gudde Moien, jo kee Problem, mir feieren dann Nomëttes, do hu mer gutt Zäit. LG
Test Dimmi Gratis!
Fir eng sécher Kommunikatioun
mat Elteren & Kolleeg·innen
Brauch keng privat Handy-nummer
Keng Vermaartung vun Äre privaten Daten
Keng Reklammen
Gehost an entwéckelt zu Lëtzebuerg
Leeft mat grëngem Stroum
Kontaktéiert eis fir méi Informatiounen:
EducDesign s.a. / +352 26 51 61 / support@dimmi.lu


boesner
KÜNSTLERMATERIAL + EINRAHMUNG + BÜCHER
Alles was kleine Künstler brauchen
· Über 28.000 Artikel
· Staffel- und Großhandelspreise
· Lieferservice
· Fachberatung mit Testmöglichkeit im boesner Werkraum
www.boesner.com
boesner GmbH Perl
Nenniger Straße 10 · D-66706 Perl-Besch
Tel.: +49 (0)6867 / 9 11 00 · E-Mail: perl@boesner.com
Mo-Sa 9:30 – 18:00 Uhr | Mi 9:30 – 20:00 Uhr
Auf 3.200 m² alles was Kunst braucht
Frankfurt
Mutterstadt
Perl
Saarbrücken
Trier


Interaktive Besichtigungen für Schulklassen
mit Kindern zwischen 6 und 15 Jahren
Ein Mitarbeiter führt die Kinder zu Fuß in das Innere der Stollen des Bergwerkes. Dort nehmen sie die Rolle eines Bergmanns ein: Sie erleben eine nachgestellte Sprengung, festigen die Decke, hauen selber etwas Eisenerz. Als Belohnung erhalten die Kinder und Schüler am Ende ein kleines Geschenk.
MNM
MUSÉE NATIONAL DES MINES RUMELANGE
Musée National des Mines de Fer Luxembourgeoises
1, rue des Mines
L-3714 Rumelange
Tel: +352 565688
Fax: +352 26560503
www.mnm.lu
info@mnm.lu
Interaktive Besichtigungen sind in Gruppen mit maximal 18 Kindern und 2 Begleitern von Dienstags bis Sonntags zwischen 8.30 Uhr und 16.00 Uhr möglich.
Eine Vorbestellung ist notwendig. Reservieren Sie bitte per Email. Dann werden Ihnen weiterführende Informationen zugeschickt.



Zanter 30 Joer Apple Partner vum Enseignement zu Lëtzebuerg.

Wielt haut déi richteg **Servicer** a **Produiten** fir en gelongenen IT-Projet an ärer Schoul.



- Berodung
- Installatioun
- Support-Formatioun
- Maintenance
- Locatioun-Finanzement

- iPad / MacBook / iMac
- Accessoiren
- Wifi-Réseau
- Projektioun / interaktiv Tafel
- Robotik / Coding

Fir e Projet mat Wäitsiicht, kontaktéiert eis Apple Spezialisten fir d'Educatioun.

lineheart.lu/education • +352 44 68 44 - 1 • education@lineheart.lu

LINEHEART

Authorised Education Specialist



sne éditions

**Nous imprimons pour vous en offset & digital**

- Matériel didactique
- Layout
- Flyers / Dépliants
- Cartes de visite / Cartes de remerciement
- Affiches
- Enveloppes
- Brochures (p-à-c et dos carré collé)
- Roll-up
- Mise sous enveloppes / Publipostage
- Mise sous plastique
- Pelliculage mat et brillant

www.sne.lu

11-13, rue des Ardennes
L-1133 Bonnevoie

Tél.: +352 48 11 18
Fax: +352 40 73 56

B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

shop@sne.lu
www.sne.lu

# Réckbléck an Ausbléck …

## … – oder och nach : « voll do » !

Léif KollegInnen

Dir denkt bestëmmt, dat do ass awer e komeschen Titel fir déi lescht Rubrik « SNE-seniors » vun dësem Joer. Mee den Titel inspiréiert sech un där fantastescher Konferenz vun der Marie-Paule Theisen, déi mir de 15. November um Siège vum SNE konnten erliewen an déi alle Participantë gewisen huet, dass een och nach am Alter souwuel geeschteg wéi och kierperlech aktiv, deemno « voll do » ka sinn.

A geeschteg « voll do » waren och déi KollegInnen, déi um « Bistrot littéraire » de 17. Oktober am « Le Bovary » deelgeholl hunn. E bëssi méi detailléiert Réckblécker vun deenen zwou Veranstaltungen op den nächste Säiten.

Da fannt dir hei och nach d'Ukënnegunge vun den éischten Aktivitéite fir d'Joer 2023, wou mir, d'Membere vum Aarbechtsgrupp « SNE-seniors », eis erëm vill Méi gemaach hunn, fir Iech e flotten an ofwiesslungsräiche Programm unzebidden. A wa mir scho bei deem Aarbechtsgrupp sinn: et wär vläicht mol eng Kéier flott, déi Leit ze ernimmen, déi dat hei alles organiséieren. Et sinn dat an alphabetescher Reiefolleg: Berck Laurent, Eich Nico, Haller-Feith Christiane, Ries Claude, Schmit Claude a Vesque Jos. Iergendwann eng Kéier kritt dir och déi passend Gesiichter zu dësen Nimm geliwwert.

Frou bleiwe mir och am Joer 2023 iwwert all Zouschrëfte fir eis Rubrik **« Al Schoul -neit Liewen »**. A weiderhi gëllt: eis Aktivitéite si fir all SNE-Memberen an hir Conjointen op, mat Prioritéit awer fir d'Senioren ab 55 Joer.

Eis bleift elo nach just, Iech alleguer schéi Feierdeeg an alles Guddes fir 2023 ze wënschen.







# Réckbléck …

## … Bistrot littéraire mam Josiane Kartheiser a Christiane Kremer






Um Méindegowend, de 17. Oktober vun dësem Joer, hu sech eng 20 SeniorInnen am Bistrot littéraire « Le Bovary » zu Weimeschkierch getraff, fir bei engem gudde Patt an engem klenge Maufel zwou interessante Lëtzebuerger Schrëftstellerinnen nozelauschteren, déi aus hire rezente Publikatioune gelies hunn.

« Voll do » ware mir alleguer, wéi d'Josiane Kartheiser Extraiten aus hire Kuerzgeschichte virgelies huet. Am Mëttelpunkt stoungen Fraen an hire verschiddenste Liewenssituatiounen. D'Josiane Kartheiser schreift hir Bicher op Lëtzebuergesch an op Däitsch. Mir ginn hei net weider op den Inhalt vun deem an, wat se gelies huet. Vill méi interessant ass et, sech dat engt oder anert Buch vun hir unzeschafen a selwer ze liesen. D'Christiane Kremer huet sech bei hirem Deel vun der Liesung op een eenzegt Wierk begrenzt: op hire Roman « De Bicherbus ». Dëst Buch spillt am Joer 2013, dat Joer, wou bei eis zu Lëtzebuerg dat politescht Bild total ännert. Mee net nëmmen dat ännert, mee och d'Liewe vum Corinne, wat mat engem Deputéierte bestuet ass.

A wann Dir wësse wëllt, wat fir Ännerungen dat sinn a wéi déi jeeweileg Geschichten ausginn, da musst Dir d'Buch liesen.

# Réckbléck ...

## ... « Déi positiv Wierkunge vun der Uechtsamkeet/Mindfulness op d'Gehieralterung »


Dat war den Titel vun der Dr. Marie-Paule Theisen hirer Konferenz en Dënschdeg, de 15. November um Siège vum SNE. Laang Zäit war d'Madame Theisen, (gebuer 1942) als Spillschoulsjoffer, duerno als Primärschoulsléierin aktiv. Mat 69 Joer huet si op der UNI.lu hire Master an der Gerontologie a mat 75 Joer en Doktorat an der Psychologie gemaach, dëst haaptsächlech an Owes- an Nuetsschichten, well si sech daagsiwwer ëm eng krank Tatta gekëmmert huet. Si selwer ass domat de beschte Beweis, dass ee mat der néideger Disziplin a mat de richtege mentalen a kierperlechen Aktivitéite bis an den héijen Alter fit ka bleiwen, deemno « voll do » ka sinn.

Amplaz e Resumé vun der Konferenz hei e puer Aussoen an Zitater aus der Madame Theisen hirer Konferenz; lauter Sätz, iwwert déi een nodenke kann, an dat net nëmmen am Alter!

- Alt: jeder will es werden – keiner will es sein
- Unser Gehirn ist wie ein formbarer Muskel, der durch Gebrauch und Herausforderung gestärkt wird.
- Alkohol, Nikotin, Opiate in hohen Dosen können den Neuronen-Nachwuchs killen.
- Zuviel Fernsehen « macht dumm, dick und gewalttätig »!
- Neue Nervenzellen entstehen im Hippocampus selbst bei 90-Jährigen.
- Um die Neuronen-Bildung zu entfalten und zu nutzen, muss sie durch körperliche, soziale, kognitive und geistige Anforderungen stimuliert werden.
- Durch regelmäßiges Meditieren kann die Hirnalterung verlangsamt werden.
- Achtsamkeit ist eine offene, präsente, nicht urteilende und akzeptierende Haltung sich selbst und anderen gegenüber.
- Achtsamkeit bedeutet bewusst, neugierig und dankbar die kleinen Dinge des Alltags wahrnehmen.
- Achtsamkeit als Lebensstil: bewusstes Körpererleben / intensiv gefühlte soziale Kontakte / neugierig bleiben / kognitive Aktivitäten / ausreichender Schlaf

A besonnesch interessant fir eis KollegInnen, déi nach am Déngscht sinn, hei der Madame Theisen hire Schlussplädoyer, deem näischt méi bäizefügen ass.

> *Die Achtsamkeitspraxis, zum präventiven Nutzen bei den verschiedensten « Bildungs- und Kulturbeschwerden » unserer Zeit wie Unruhe, Aggressivität, Selbstüberforderung und Folgen, in den Schulunterricht zu integrieren, um die Lernfähigkeit und das Wohlbefinden aller SchülerInnen zu unterstützen und ihrem Lehrpersonal Depressionen und Burnout zu ersparen, das wäre mein Herzenswunsch als Lehrerin im Ruhestand.*
>
> **(M.-P. Theisen; November 2022)**




# Ausbléck ...

## ... geplangten Aktivitéite fir d'Joer 2023

Well mir nach keng genee Datumer liwwere kënnen, hei elo just e puer Iddien, déi mir beschwat hunn an déi sech an den nächste Wochen a Méint konkretiséiere wäerten.

Wéinst dem groussen Erfolleg vun eisem **« Bistrot littéraire »** plange mir 2 där Veranstaltungen fir dat nächst Joer; viséiert sinn de Mäerz an den Oktober. A soulaang nach keng definitiv Zousoe vun den Auteure virleien, wëlle mir natierlech och keng Nimm verroden.

Am Mee, vläicht den 9.5, plange mir en Ausfluch op déi **däitsch Musel**, fir 2 Plazen ze besichtegen, déi di wéinegst vun eis kennen. Och do Detailer an engem vun den nächste Bulletinen.

En **Trëppeltour** am Juni ass och nach eng Alternativ a fir den Hierscht en **oenologesch-kulturellen Nomëtteg** ronnen eise Programm of. Dass do am Laf vum Joer nach Ännerungen optriede kënnen, dat brauch net weider ernimmt ze ginn.

Hoffentlech huelt dir a grousser Zuel un eisen Aktivitéiten deel.

sne seniors 2023

## Al Schoul - neit Liewen

Léif LieserInnen

Dir hutt bestëmmt an Ärer Uertschaft, Ärer Gemeng oder um Nopeschduerf eng al Schoul stoen, wou Dir vläicht selwer dra gaang sidd oder selwer nach enseignéiert hutt, déi awer elo net méi a Betrib ass.

Meeschtens bleiwen déi Gebaier stoen a vläicht gouf doraus eng Maison Relais, eng Crèche, e Jugendhaus, e Musekshaus, jo vläicht souguer e Buttek oder e Restaurant. Wann Iech esou eppes bekannt ass, da schéckt eis e puer Zeilen zu dësen ale Schoulen eran, am beschten nach mat e puer Fotoen (« virdrun » an « elo »).

A wa mir dann eng flott Rubrik op d'Bee gesat kréien, dann ass dat vläicht och e flotte Beitrag fir déi KollegInnen, déi nach net bei den « sne seniors » sinn. An natierlech freeë mir eis och iwwert Zouschrëfte vu Memberen, déi nach net am Alter vun den « sne seniors » sinn.

## Praktesch Infoen

**Zuel vun de Fotoen:**

maximal 4 (fréier an haut)
(evtl. mat der Angab vum Fotograf)

**Zuel vun de Wierder:** maximal 250

**Numm vum Auteur:** fakultativ

**Form:** am beschten an digitaler Form;
op Pabeier ass awer och méiglech

**Adress: sne@education.lu**

**oder**

**SNE/CGFP**
11-13, rue des Ardennes
L-1133 LUXEMBOURG

**Mir verloossen eis op Är Mathëllef.**




**Méi séier informéiert**

Suivéiert
d'CGFP op **Twitter**

**@Cgfp_lu**






# LUX VOYAGES




## – HÖHEPUNKTE IM LAND VON „ONKEL HO"



Erleben Sie die Höhepunkte Vietnams in nur elf Tagen. Die vorgeschlagene Route unserer Länderexpertin führt Sie von Hanoi in die Halong Bucht, weiter in die Kaiserstadt Hue und schließlich in die Glitzermetropole Saigon. Perfekt für Vietnam-Einsteiger.
Fahren Sie in Hanoi mit einer Rikscha an den Obstverkäufern vorbei. Übernachten Sie auf einer romantisch anmutenden Dschunke in der legendär schönen Halong Bucht. Genießen Sie einen Abendbummel durch die von Lampions und Essensständen übersäte Altstadt von Hoi An. Verpassen Sie keinen dieser Momente!

**Highlights**

- Tägliche Abreise mit Durchführungsgarantie
- Unterwegs im Privatwagen mit Fahrer und Guide, Stopps, wann und wo immer Sie wollen
- Gastronomiekurs unter der Anleitung eines erfahrenen Kochs für vietnamesische Spezialitäten
- Übernachtung wahlweise in Standard-, Premium- oder Luxushotels

**Reisepreis: ab 2.629 € pro Person im Doppelzimmer**

**LUX VOYAGES s.à r.l.**

**25-A, boulevard Royal**
**L-2449 Luxembourg**
**Tel.: 47 00 47 - 1**
**info@luxvoyages.lu**

Gerne beraten wir Sie und stellen Ihnen alle Inklusivleistungen und die ausführliche Reisebeschreibung dieser und einer Vielfalt anderer individueller Fernasien-Reisen vor. Wenden Sie sich einfach an Lux Voyages, Ihre CGFP-Reiseagentur.




# LEARNING BY DOING

FOURNITURE POUR ECOLE
MATERIEL DIDACTIQUE
BRICOLAGE PAPETERIE
JEUX ET LOISIRS



**Learning By Doing**
30, avenue Frantz Clément
L-5612 Mondorf-les-Bains
Luxembourg
tél. +352 26 67 19 25
info@lbd.lu
www.lbd.lu

**LEARNING BY DOING**
**À MONDORF-LÈS-BAINS**

**Votre spécialiste de la papeterie :**
**manuels & fournitures scolaires, livres, loisirs créatifs...**

**SDK Akademie**
**SuperDrecksKëscht®**

Dir fannt eis Offeren op **www.sdk-akademie.lu**

Fir weider Informatiounen: **akademie@sdk.lu** **488 216 400**

D'**SDK Akademie** bitt Sensibilisiéierungs-aktivitéiten zur Ressourcen- a Klimaschounung fir **Grondschoul, Maison Relais a Lycée**

Ausserdeem fann Dir eis **Formatiounen** fir Enseignanten um **IFEN**



Eng Aktioun vun:

CHAMBER OF COMMERCE LUXEMBOURG

CHAMBRE DES METIERS Luxembourg






***Maßgeschneiderte Gruppenreisen, so vielfältig wie Ihre Wünsche***

*Für Vereine, Clubs, Firmen, Schulen, Gruppen von Freunden oder Familien*

**Kulturreisen**, entdecken Sie faszinierende Welten der Geschichte oder Kunst

**Studienreisen und Schulausflüge**, eine unvergessliche Gelegenheit

**Sportliche Reisen und Wandertouren**, gestalten Sie Ihr Abenteuer

**Kulinarische Momente und gastronomische Rundreisen**, ideal für Genießer

voyages emile weber


Unser Team steht Ihnen gerne für Beratung und Vorschläge zur Verfügung

Tel.: (+352) 35 65 75 - 300 • groups@vew.lu • www.emile-weber.lu



**KANNER KËSCHT**

**KLÄNG FIR DÉI KLENG**



**LAUSCHTERGESCHICHTEN A MÉI FIR KANNER VUN 3-12 JOER**

**OP 100KOMMA7.LU/KANNER ODER AN EISER APP**

radio 100,7

radio 100,7
Média de service public 100,7
21a, avenue J.F. Kennedy L-1855 Luxembourg
www.100komma7.lu

# Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

## Impressum

**Rédaction:**
11-13, rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg/Bonnevoie
sne@education.lu

**Parution:**
6 fois par an
Distribution gratuite
aux membres du sne/cgfp
Prix d'un abonnement annuel: 20€ (+ frais d'envoi)

**Impression:**
sne éditions s.à r.l.
B.P. 2437
L-1024 Luxembourg

**Publicité:**
À envoyer à l'adresse postale.
Les tarifs sont transmis sur demande.
La reproduction d'articles, même par extraits,
n'est autorisée qu'en cas d'indication de la source.
Deux exemplaires justificatifs doivent être envoyés
au sne/cgfp. Les articles signés ne reflètent pas
nécessairement l'avis du syndicat.

75 sne syndicat national des enseignants cgfp

sne syndicat national des enseignants cgfp

Contact
SNE/CGFP
Syndicat National des Enseignants

11-13 rue des Ardennes
L-1133 Luxembourg-Bonnevoie

sne@education.lu
tél.: 48 11 18-1
fax: 40 73 56

## Charte relative à politique de confidentialité des données à caractère personnel des membres du syndicat

### Qui sommes-nous ?

Le Syndicat National des Enseignants (SNE/CGFP) est la voix de la profession des enseignants de l'enseignement fondamental et de la voie de préparation de l'enseignement secondaire général au Luxembourg. Le siège du SNE est au 11-13 rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie.

**Délégué à la protection des données**

Le SNE a désigné un délégué interne à la protection des données que vous pouvez contacter en cas de questions ou d'inquiétudes concernant les politiques ou les pratiques du SNE/CGFP en matière de données personnelles. Vous trouverez ci-dessous les coordonnées du délégué à la protection des données :

DPO / Jos Vesque - Syndicat National des Enseignants, 11-13, rue des Ardennes, L-1133 Luxembourg-Bonnevoie
dpo@sne.lu

### Comment protégeons-nous vos données ?

Nous prenons la sécurité de vos données au sérieux. Nous avons mis en place des politiques internes et des contrôles pour nous assurer que vos données ne soient pas perdues, accidentellement détruites, mal utilisées ou divulguées.

### Partage et transfert des données

En vue de l'exécution de nos missions statutaires, nous pouvons être amenés à transmettre vos données personnelles aux tiers de confiance concernés tels que, et sans y être limités, les banques, la Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, la Confédération générale de la Fonction publique, les avocats, la Sécurité Sociale ou toute entité concernée par l'un de nos évènements.

Vos informations ne sont pas envoyées en dehors de l'Europe. Nous n'utiliserons pas vos informations pour prendre des décisions automatisées qui pourraient vous affecter.

### Mise à jour de la présente Charte

Si nous étions amenés à traiter certaines de vos données à caractère personnel d'une autre manière que celles précédemment identifiées, nous vous contacterons pour vous fournir des informations à ce sujet et pour vous demander votre consentement, si nécessaire. Nous mettrons aussi à jour la présente Charte.

### Quelles sont les données que nous traitons et à quelles occasions ?

Nous traitons différentes catégories de données, à savoir :
- Données d'identification
- Données d'identification électronique
- Emploi et formations
- Coordonnées bancaires

Nous collectons et traitons vos données à différentes occasions :
- Lors de votre adhésion à notre syndicat
- Durant notre relation membre-syndicat
- A l'issue de notre relation membre syndicat

### Pourquoi traitons-nous vos données et combien de temps les conservons-nous ?

Le traitement de vos données est nécessaire à l'exécution de notre relation membre-syndicat.

Nous utilisons vos données personnelles principalement pour l'exécution de notre mission de syndicat, telle que décrite sur notre site internet, mais aussi, et sans y être limités, pour le bon déroulement de tout évènement, communication, action ou élection du syndicat.

Nous conservons vos données le temps de votre adhésion et nous nous réservons le droit de les conserver au-delà afin que nous puissions remplir certaines de nos obligations légales.

### Quels sont vos droits ?

Sans préjudice des limitations prévues par le RGPD, vous disposez d'un certain nombre de droits en vertu de la Loi sur la protection des données :

**Droit d'accès** : obtenir tant un accès qu'une copie des données à caractère personnel traitées, sur demande.

**Droit de rectification** : obtenir une rectification de vos données à caractère personnel sil elles s'avèrent être inexactes ou incomplètes.

**Droit à l'effacement** : obtenir un effacement de vos données lorsqu'il n'y a plus de motif fondé de les traiter.

**Droit à la limitation de traitement** : obtenir une limitation de traitement de vos données inexactes ou devenues inutiles.

**Droit d'opposition** : obtenir une cessation du traitement de vos données lorsqu'il n'y a pas de motifs légitimes et impérieux de les traiter.

**Droit à la portabilité** : obtenir le transfert de vos données vers un tiers dans un format accessible.

**Droit au refus du traitement automatisé** : obtenir que les données ne fassent pas l'objet d'un traitement totalement automatisé sans intervention humaine.

syndicat national des enseignants cgfp

Fir lech, mat lech, zesumme méi staark!

# Bulletin d'adhésion : *

**Je soussigné(e) :**

Nom ............ Prénom ............ Date de naissance ............

Fonction ( cf tableau en bas de page ) ............ Promotion (année) ............ Institut : IP / ISERP / UdL / Etranger ............

Commune / Localité de travail ............ Nom de l'école ............

**Domicile :** Numéro ............ Rue ............ Code postal ............ Localité ............

Adresse électronique ............ Téléphone / gsm ............

**demande par la présente mon affiliation au Syndicat National des Enseignants SNE/CGFP**

# Procuration : *

**Je soussigné(e) :**

Nom et prénom ............ Date de naissance ............ Catégorie : cf tableau ci-contre ............

**autorise par la présente le Comité central du SNE/CGFP à prélever, jusqu'à révocation de ma part le montant de la cotisation annuelle échue sur mon compte**

Compte numéro ............

auprès de CCP / établissement bancaire ............

Date ............

Signature ............

* à remplir un bulletin par personne adhérent
et à retourner au SNE/CGFP :
- adresse postale : B.P. 2437, L-1024 Luxembourg
- fax : 40 73 56
- adresse électronique : sne@education.lu

ou adhésion par voie électronique sur notre site www.sne.lu

## Tableau des cotisations annuelles SNE/CGFP pour l'année 2022 (*)

sne/cgfp : CCPLLULL LU76 1111 0226 0096 0000

| Catégorie | Fonction | | cotisations SNE + CGFP = Total | par mois | Assurance Responsabilité Civile (**) |
|---|---|---|---|---|---|
| Cat. A1<br>Cat. A2<br>Cat. A3<br>Cat. A4<br>Cat. A5<br>Cat. A6 | Instituteur/trice de l'enseignement fondamental<br>Instituteur/trice de la voie préparatoire de l'EST<br>Instituteur/trice spécialisé/e I-EBS, I-DS, I-CN<br>Instituteur/trice d'un autre ordre d'enseignement<br>Chargé/e de direction, chargé/e de cours<br>Chargé/e de cours (enseignant sans concours) | | 80 € +35 € = **115 €** | **9,58 €** | RCpr comprise |
| Cat. B | Ménage de 2 membres affiliés<br>Total : | 1. : 115<br>2. : 100<br>215 | 80 € + 35 € = **115 €**<br>65 € + 35 € = **100 €**<br>**= 215 €** | **17,92 €** | RCpr comprise |
| Cat.C | Communauté d'enseignants: | 1. : 115<br>2. : 100<br>3. : 100<br>etc. | 80 € + 35 € = **115 €**<br>65 € + 35 € = **100 €**<br>65 € + 35 € = **100 €** | | RCpr comprise |
| Cat. E | Étudiant(e) UdL, ou institut à l'étranger: | | **0 €** | | --- |
| Cat. R | Membre retraité:<br>Ménage de 2 membres affiliés: | | 35 € + 35 € **= 70 €**<br>70 € + 70 € **= 140 €** | **5,83 €** | ---<br>--- |

(*) Suivant les statuts du SNE la cotisation est due pour le début de l'année civile. Les montants prélevés par procuration sont encaissés en principe en février.
(**) Montants assurés : 3 718 402.87€ par évènement assuré - 1 239 467,62€ pour dommages matériels. Assurances : FOYER / LA LUXEMBOURGEOISE


ernster®
l'esprit livre
#books and more
Mir wënschen Iech schéi Feierdeeg! | www.ernster.com




| | |
|---|---|
| PERIODIQUE | P&T LUXEMBOURG |
| Envois non distribuables à retourner à:<br>L-3290 BETTEMBOURG | Port payé<br>PS/161 |